N°4194
Entrée le 04.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.06.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sport weiderzeleeden.**

Laut dem Koalitiounsaccord 2023-2028 huet sech d'Regierung dozou verpflicht, den Institut national des sports (INS) an d'AINS ze transforméiere fir d'Gestioun vun den nationale Sportsinfrastrukturen, wéi de Vëlodrom, d'Sportfabrik, déi sportlech Infrastrukture vum Sportlycée ze zentraliséieren. De Sportsmusée war eigentlech heiran och virgesinn. Am Budget vum Exercice 2025 gouf da präziséiert, dass och de Centre sportif Belval an d'Coque an den établissement public (AINS) géifen integréiert gi, wat dann och an der Sportskommissioun vun der Chamber de 27. November 2024 confirméiert ginn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hält d'Sportministesch sech un d'Prämiss vum Regierungsprogramm a wou sinn déi juristesch Aarbechte vun der Schafung vun dësem neien Etablissement public drun?

2. Ass weiderhi virgesinn, dass och d'Coque hei integréiert wäert ginn oder stëmmen déi Rumeuren, dass d'Coque nei Attributioune soll kréien, spréch d'Gestioun vun den nationale Sportsinfrastrukture sollt mat iwwerhuelen? Wat fir Infrastrukture sollen hei drënnerfalen? Falen do och d'Sportsinfrastrukture vum zukünftege Sportslycée zu Mamer dorënner?

3. Laut enger Stellungnam vun der CGFP vum 21. Mee 2026 huet d'Regierung 2 ursprünglech geplangten établissement public am Sportberäich vollstänneg opginn. Ëm wat fir 2 établissement public handelt et sech hei?

4. Laut der CGFP hält d'Regierung allerdéngs um vill kritiséierten établissement public IPESS fest, d'Personal wäert allerdéngs den ëffentleche Statut kréien. Stëmmt dës Aussoe vun der CGFP?

piraten.lu

PIRATEN

Firwat huet d'Regierung net och op dësen Etablissement public verzicht? Firwat ginn d'Aufgabe vum IPESS net einfach an den INAPS integréiert, deem seng Mataarbechter jo och een ëffentleche Statut hunn?

5. Aus engem Communiqué vun der CGFP kann een dann elo erausliesen, dass den INS soll an den INAPS integréiert ginn. Wéi ass et zu dësen Iwwerleeunge komm? Falen d'Missioun vum INS an d'Kompetenz vum INAPS? Wäert d'Gestioun vun den nationale Sportsinfrastrukturen an Zukunft eng weider Missioun vum INAPS ginn? Mussen heifir och legislativ Ännerunge virgeholl ginn?
6. Firwat ass dës Entrevue esouwéi sécherlech och anerer vum Sportsministère net am Registre des entrevues vun der Regierung agedroen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés